



► **Mme Lydie Polfer** (DP).- Mä ënnert deene Konditiounen, an da maachen ech et kuerz, Här President, ënnert deene Konditiounen a fir net onnéideg Onkloerheeten opkommen ze loossen, kann ech natierlech dann awer och net recommandéieren, fir déi zweet ze stëmmen. Well ech awer gären déi Saachen dran hätt, datt ech net dergéint sinn, well dat wär jo onlogesch, géif ech mech op alle Fall bei där zweeter enthalten.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci nach eng Kéier. Vlächcht un d'Kolleegeen,...

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Dat ass de Sënneswandel vun der DP, dat do.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- ... dass, wa Parole après ministre gefrot gëtt, dat sech soll op dat bezéien, wat de Minister gesot huet, a sech net mat deenen anere Parteien ausenansetzen. Well wann dann d'Wuert gefrot gëtt, fir ze explizéieren, da kann ech dat och net refuséieren. Den Här Kartheiser huet Parole après ministre gefrot.

An da géif ech lech awer vlächcht bieden, fir zum Schluss vun der Debatt ze kommen, well ech mengen, et huet jiddweree genuch Geleeënheet gehat, fir sech auszreddeken. An ech war esou generéis mat der Riedezäit, wéi dat vu mir gefrot ginn ass.

Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert, mat Bezuch op dat, wat den Här Minister gesot huet.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Här President, ech soen lech Merci fir d'Wuert. Ech wäert och selbstverständlech mech op dat bezéien, wat den Här Minister Asselborn eis elo gesot huet.

Ech wollt éischters soen, datt ech viles an deem, wat den Här Minister gesot huet, kann absolut ënnerstëtzen. Ech mengen, do wor ganz vill Moderatioun erauszespieren. Mä et woren och eng Rei Saachen, déi een net sollt onwiddersprach loosse, fir all Mëssverständnis ze verhënnern.

1948 effektiv ass ee vun den Urspréng vun dëser Kris, well déi Resolutioun vum Conseil de Sécurité vun den arabesche Staten net akzeptéiert gouf.

(*Interruption*)

Gelif?

► **M. Jean Asselborn**, *Ministre des Affaires étrangères et européennes*.- '47.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, '47, an dunn '48 ass et awer zum Krich komm, well déi arabesch Staten dat net akzeptéiert haten, well se wollten Israel vun der Kaart läschen, well se déi palästinensesch Bevëlkerung, déi do geliift huet, opgeruff hunn, fir d'Regioun ze verlossen, well se kéinte geschwënn zrëckkommen no der Zerstäerung vum État d'Israël.

Et huet net esou geklappt, wéi si geduecht haten. Zënterhier hu mer also de Problem vun de Réfugiés palestiniens. An ech mengen, et soll een déi historesch Fakten net aus den Ae loosse, wann een dann déi Diskussioun hei féiert.

Zweetens, jo, et ass dramatesch, et ass fuerchtbar, datt mer esou vill doudeg Zivilisten hunn! An Israel waren och vill doudeg Zivilisten! Et ginn der ëmmer erëm, déi Victimme vun terroristeschen Attacke sinn. A wann Israel net deen Iron Dome hätt, da wär duerch déi Rakéitebeschëss do och vill méi Leed ze bekloen, wéi et elo schonn ass.

An et ass och einfach eng Tatsaach, datt am Gaza esou vill Doudeger waren, trotz allen Efforte vun der israellescher Arméi, fir d'Leit ze warnen iwwer SMS, Telefon an all méiglechen Efforten, déi gemaach goufen. Awer well d'Hamas hir Leit als Schutzschild geholl huet, fir Rakéiten ze beschützen, déi se a Schoulen an an Infrastruktur vun der UNO déposéiert hunn zum Deel, fir se virun Ugrëffer ze schützen.

Et ass ganz schlëmm, wat d'Hamas gemaach huet. An ech mengen, och dat ass en Deel vun der Wouerecht. An d'Hamas ass domadder net eng einfach Partei. Si ass emol net vergläichbar mat engem Front National a Frankräich, deem ech esou eppes net géif ënnerstellen. Mä et ass einfach eng terroristesch Bewegung!

A se ass net nëmmen terroristesch, se ass rassistesch. Ech mengen, e Virriedner, den Här Mosar, hat aus der Charte vun der Hamas zitéiert. Et gëtt nach wonnerbar Saachen, déi ee kann do soen, well d'Hamas seet: «Musulman, serviteur de Dieu! Un juif...», seet en... An d'Hamas zitéiert aus dem Koran hei, wou se soen, d'Jude verstoppe sech tëschent Beem a Steng, an da riff d'Hamas op am Numm vun de Beem an de Steng a seet: «Un juif se cache derrière moi. Viens et tue-le!»

Also, et ass ganz dramatesch, wat d'Hamas alles vun Opriff un d'Dschihad seet. A si

bezeecht an der Charte de Friddensprozess als en „exercice futile“. A si seet an hirer Charte, de Peuple palestinien hätt ze vill Éiergefill, fir sech mat futile Saache wéi dem Friddensprozess ofzeginn. Ech kann lech déi Charte ginn. Ech mengen, den Här Mosar huet se hei, ech hu se och matbruecht, well et einfach wichteg ass, datt mer eis drun erënneren, datt mer et hei mat Terroristen ze dinn hunn, déi rassistesch sinn. An déi wëllen net nëmmen de Stat Israel net unerkennen, mä och nach d'Judden als Vollek ausrotten!

An dat ass wierklech eng ganz dramatesch Situatioun. Loosse mer dat net vergiessen, wa mer iwwert déi Situatioun am Noen Oste schwätzen! An duerfir ass et och esou wichteg, fir d'Éischt emol drop ze insistéieren, datt d'Unerkennung vun Israel a séchere Grenze ka geschéien.

An dann d'Mënscherechter. Dir sot ëmmer, Här Minister, an dat ass eppes, wat Der eis dacks sot... An, Här President - ech wëll mech elo un lech adresséieren -, Här President, den Här Minister seet jo ganz dacks, datt Gaza e Prisong wär. Gaza läit ënner engem Blocus. Mä Gaza läit ënner engem Blocus duerch déi Politik vun der Hamas! Israel ass net interesséiert um Blocus, um Gaza, wann d'Sécherheetskonditiounen fir Israel erfüllt wäeren. Mä wann Der kuckt, an Dir waart jo zu Ramallah, Dir waart an der Géigend, Dir wësst jo awer, wéi d'Mënscherechter duerch d'Hamas verletzt ginn, wéi d'Doudesstrof applizéiert gëtt do, wéi d'Prisongszoustänn sinn am Gaza. Dir waart jo do. Dir wësst, datt déi Leit keng Fräiheet hunn.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech war net do.

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Pardon, Här President. Awer, ech mengen, den Här Minister war do. An dann, wann dat esou de Fall ass, ech mengen, wann een dann iwwer Gaza als e Prisong schwätzt, da muss ee soen, fir korrekt ze sinn: Gaza ass ënner engem Blocus aus Sécherheetsgrënn. An dee Blocus ass „en droit international public compatible“. Dat ass nach eng Kéier confirméiert ginn, wou déi Flotilla, déi aus der Tierkei do koum, do gestoppt gouf an den internationale Gerichtshaff doriwwer en Avis ginn huet. Dat ass konform zum Droit international public.

Wat awer inakzeptabel ass, dat ass déi Manéier, wéi Gaza hir eege Populatioun ënnerdréckt, tirängelt, foltert, hiriicht. An dat ass och en Deel vun deem Aspekt, deen een net däerf aus den Ae verléieren.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Domat wäre mer un Enn vun der Diskussioun iwwert déi zwou Motiounen. Ech géif proposéieren, dass mer d'Chronologie vun deene verschiddene Motiounen géife respektéieren.

Mir géifen da fir d'Éischt déi Motioun huelen, déi vum Här Angel abruecht ginn ass. Esou wéi ech den Här Angel verstanen hunn, ass den Auteur net mat där Modifikatioun d'accord, déi vun der ADR komm ass. Also bleift et bei där urspringlecher Formulatioun vun der Motioun. Also, ech géif d'Motioun vum Här Angel fir d'Éischt zum Vote stellen.

Déi, déi fir d'Motioun sinn, stëmme mat Jo, déi, déi dergéint sinn, selbstverständlech mat Neen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

34 Deputéiert hu mat Jo gestëmmt, 3 hunn dergéint gestëmmt. Also 34-mol Jo, 3 Neen an 23 Abstentionen.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Roger Negri), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles (par M. André Bauler), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mo-

sar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet.

Et ass gutt. Et ass keng Demande, fir d'Abstention ze erklären do.

Da géif ech feststellen, dass d'Motioun vum Här Angel ugehall ass...

► **Une voix**.- Gëtt et eng Majoritéit?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ugehall. Jo, majoritär ugehall. An ech géif dann zum...

► **Une voix**.- Mat wéi vill Stëmmen?

(*Interruptions diverses*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- 34 Jo.

► **Une voix**.- D'Lénkskoalitioun hei am Land, déi véier Parteien.

(*Interruption*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, Här Urbany? Zu wat?

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Här President, ech wëll just eng prozedural Fro hei opwerfen. Mir hunn elo déi Motioun hei majoritär ugehall. Wa mer elo iwwert déi aner Motioun ofstëmmen, an déi gëtt och ugehall, dann hu mer zwou contraire Motiounen, wou déi eng d'Regierung opfuert, „formell“ unzëerken, an déi aner dat „en principe“ mat allerhand Konditiounen a Junktimmen vun der Regierung verlaangt. Wat soll d'Regierung da maachen, wann déi zwou ugehall sinn?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, Här Urbany, ech hat der Chamber d'Proposition gemaach, fir esou ze procédéieren. An do ass keng Wuertmeldung komm. Also ass déi Prozedur vun der Chamber akzeptéiert ginn.

► **Une voix**.- Mir mussen dergéint stëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- A mir wäerten dann och elo déi zweet Motioun, déi vum Här Mosar abruecht ginn ass, zur Ofstëmmung stellen.

► **M. Serge Urbany** (déi Lénk).- Mir wäerten duerfir dergéint stëmmen.

(*Brouhaha général*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Jo, wann elo jiddweree seng Ofstëmmung hei motivéiert, da weess ech net, wou mer landen.

Vote sur la motion 2

Duerfir, d'Motioun vum Här Mosar steet elo zur Ofstëmmung. Wie mat der Motioun Mosar averstanen ass, stëmmt mat Jo. Wien net, stëmmt mat Neen. An da bleift nach d'Enthalung.

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen.

► **Une voix**.- Et geet net!

► **Une autre voix**.- Här President!

(*Brouhaha*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- D'Ofstëmmung ass ofgeschloss. 24 Deputéiert hu mat Jo gestëmmt, 3 mat Neen an 31 Abstentionen.

(*Brouhaha*)

Mir maache selbstverständlech déi Rectificatioun.

(*Brouhaha général*)

Jo, mä et ass jo kloer.

Résultat définitif après redressement: la motion 2 est adoptée par 26 voix pour, 3 voix contre et 31 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: M. Alexander Krieps;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Cécile Hemmen), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Marc Angel), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles (par M. André Bauler), Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

An ech géif d'Fro nach stellen: Wëllt ee seng Abstention motivéieren?

(*Négation*)

Neen. Dann ass déi Motioun ugehall.

► **Une voix**.- Bravo!

(*Hilarité et brouhaha*)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Voilà. Dann huelen ech zur Kenntnis, dass déi eng Motioun mat méi an déi aner mat manner Stëmmen ugehall ass. An domat ginn ech dat erëm, wat d'Chamber hei décidéiert huet. Ech soe Merci fir déi gutt Debatt, déi, mengen ech, enger parlamentarescher Diplomatie gutt zu Gesiicht steet. Merci villmools.

A mir géifen dann am Ordre du jour weiderfueren. Et geet do ëm de Projet de loi 6725, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert d'Gestioun vun der Eisebunnsinfrastruktur. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice vum Projet, d'Madame Josée Lorsché.

Ech wollt och der Chamber soen, dass mer bis zum Schluss vun eise Ordre du jour vun de Moie fueren, fir dann nahtlos de Mëtteg kënnen mat de Budgetsdebatte virunzufueren. D'Mëttegpous gëtt zwar e bësse méi kuerz, mä ech mengen, mir wësse jo, dass mer am Endspurt sinn. An d'Madame Lorsché huet direkt d'Wuert.

6. 6725 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng), *rapportrice*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech kéim dann zrëck zu de Finanzen. De Projet de loi 6725 beschäftegt sech notament mam Finanzement vun Eisebunnsinfrastrukturen, déi schonn am Joer 2004 vun der Chamber accordéiert gi waren. Well d'Kreditter mëttlerweile opgebraucht sinn, féiert kee Wee laanscht eng Rallonge budgétaire, déi et ebe just soll erlaben, de Rescht vun den Aarbechten ze finanzéieren. Et huet sech erausgestallt, datt de reelle Käschtepunkt vum Projet wäit iwwert den Estimatiounen vun 2004 läit.

Ëm wéi eng Infrastrukturen et geet a firwat et zu dësem finanziellen Enkpass komm ass, wëllt ech kuerz erklären, muss dofir awer e bëssen aushuelen an zrëckgoen op d'Joer 2004.

Iwwert d'Gesetz vum 18. Abrëll 2004 sinn 180,7 Milliounen gestëmmt ginn, fir de Réaménagement vum Nordausgang vun der Stater Gare a fir d'Konstruktioun vum Viaduc Polvermilen mat zwee Gleiser als éischt Phas vum Projet ze finanzéieren. Dat war eng Zomm vun 121,4 Milliounen, déi dofir virgesi war. Zweetens awer och fir de Bau vun engem Tunnel mat engem Gleis, deen de Viaduc mat der Stater Gare sollt verbannen als zweet Phas vum Projet, déi mat 59,3 Milliounen chiffriert war. D'Zil war deemools datselwecht wéi haut, an zwar d'Verbesserung vun der Mobilitéit a Richtung Norden, Osten a Weste vum Land, grad wéi och d'Erhéijung vun de Capacitéite vun den internationalen Zich a Richtung Belsch an a Richtung Däitschland.

Well et am Joer 2004 nach méiglech war, e Bauprojet ze stëmmen, ouni datt virdrun en Avant-projet détaillé huet missen ausgeschafft ginn, ass op dës Detailplanung verzicht ginn. Dat Eenzezt, wat virlouch beim Vote vum Gesetz, war da just en Avant-projet sommaire, en APS, deen nëmmen aus enger graffer Aschätzung vun den Aarbechten a vun den deementspriecheden Investissementen bestanen huet.

Scho kuerz duerno, am Joer 2006, huet sech dunn erausgestallt ebe just, datt de reelle Käschtepunkt vun der éischter Phas méi héich géif leien, wéi de Montant, dee gestëmmt gi war. Fir déi éischt Phas waren dat 121 Milliounen Euro. Fir déi Méikäschten ze decken, kount et dunn am Joer 2006 zu engem Transfert vu Kreditter vun der zweeter Phas vum Projet op déi éischt Phas. Dat heescht, datt zwielef Milliounen Euro vun insgesamt 59,3 Milliounen op déi éischt Phas iwwerdroe gi sinn.

Dësen Zeenario huet sech dunn am Joer 2009 widerholl, wéi de ganze Reschtbetrag vun der zweeter Phas op déi éischt Phas transferéiert ginn ass. Dat waren nach eng Kéier 53,2 Milliounen. An op déi Manéier konnten du wei-



der Kreditter fir déi éischt Phas zur Verfügung gestallt ginn. Déi zweet Phas louch domat op Ais, wat awer net dramatesch war, well déi eigentlech am Kontext vum Projet Train-Tram geplangt war, dee jo dee Moment schonn op Ais louch.

Haut schwätze mir dofir nach just vun der éischter Phas, a méi speziell vum Viaduc Polvermillen a vum Tronçon, deem ënnert dem Boulevard d'Avranches verleeft. Leider huet de betroffenen Terrain oder Hang, am Fachjargon gëtt vu Perré geschwat, am Laf vun den Aarbechte fir béis Iwwerraschunge gesuergt a mécht d'Finanzierungsgesetz vun haut néideg.

Während den Aarbechten huet sech nämlech herausgestallt, datt déi geologesch Eegeschafte vum Perré wäit ënnert den Erwaardunge louchen an noutgedrungen zu héijen Investisementer hu misse féieren, fir d'Sécherheet op der Streck ze garantéieren an haaptsächlech och Glissementer vum Terrain ze verhënneren.

Nieft neien Etüden an extrem deiere Stabiliséierungsmoossname vum Terrain geet et och drëms, verschidden technesch Installatiounen fir d'Signalisatioun, fir déi elektresch Traktioun a fir de Lärmschutz ze finanzéieren. Doriwwer eraus hunn nei Accése misse geschafe ginn zum Chantier an d'Oplage vu Sites et Monuments hunn och misse respektéiert ginn, bei deenen de Schutz vum spueneschen Tiernchen aus dem 17. Jorhonnert am Mëttelpunkt steet.

Fir den Detail vun dësen Aarbechten, op déi ech elo net wëll weider agoen, verweisen ech op den Document parlementaire, deem eng Hällewull vu Biller an technesch Prezisiounen vum Chantier liwwert. Dernieft huet och d'Direktioun vun den CFL e ganz opschlussräichen Dossier zesummegezat an erzielt ganz genee, geet op den Detail an, wat souwuel de finanzielle wéi och den techneschen Impakt vum Projet ubelaangt. Och dës Dokumentatioun ass an der zoustänneger Chamberskommissioun presentéiert ginn. Dofir den Häre vun den CFL e grouse Merci.

Léif Kolleginnen a Kollegen, well ebe just net all Investisementer am Virfeld berechent gi waren, an zum Deel och net berechent konnte ginn, huet d'Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire schonn am Joer 2009 op de Problem vu feelende Kreditter higewisen. D'Budgetskontrollkommissioun huet zrëckbehalen, datt en neit Gesetz misst déposéiert ginn, fir de Fall, wou eben eng Rallonge budgétaire nach misst gestëmmt ginn. Dëst opgrond vum Artikel 80 vun der Konstitutioun, dee virgesäit, datt fir all Projet, deen de Seuil vu 40 Milliounen iwwerschreit, e speziell Gesetz muss ausgeschafft ginn, a gestëmmt ginn natierlech.

De Projet de loi 6725, deem haut virläit, dréit dëser Obligatioun Rechnung. En ass de 7. Oktober 2014 vum Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister François Bausch déposéiert ginn. Den Avis vum Statsrot datéiert vum 25. November 2014. Den Avis vun der Chambre de Commerce louch schonn de 6. November 2014 vir.

Den 1. Dezember 2014 huet d'Nohaltegkeetskommissioun mech als Rapportrice designéiert, an den 10. Dezember 2014 huet d'Kommissioun mäi Rapport eestëmmeg ugeholl. Mir hatten also eng gewësse Vitesse opgeluecht.

Am Article unique vun dësem Projet de loi geet et ëm d'Modifikatioun, den Här President huet et gesot, vum Gesetz vum 10. Mee 1995 iwwert d'Gestioun vun der Eisebunn a méi speziell ëm d'Erhéijung vum Montant, deem 2004 fir de gesamte Projet gestëmmt gi war. Wéi ufanks gesot, louch dee Montant bei 180,7 Milliounen. Mat dësem Projet de loi gëtt en op 334 Milliounen Euro eropgesat, wat net näischt ass.

Opgrond vun den Transferte vun de Kreditter, déi ech schonn erkläert hunn, an déi 2006 respektiv 2009 stattfonnt hunn, an opgrond vun den Adaptatiounen vum Präisindex läit d'Netto-Erhéijung fir de Bau vum Viaduc a vum Tronçon do op där Plaz deemno bei 109 Milliounen Euro.

Erlaabt mer zum Schluss nach e Wuert zu den Avisen, déi erakoume vum Statsrot, respektiv vun der Chambre de Commerce.

A sengem Avis begréisst de Statsrot, datt d'Annex vum Projet de loi ganz genee Informatiounen liwwert, ebe just firwat dës Rallonge budgétaire néideg ass, a begréisst déi ausféierlech Erklärungen, déi d'CFL geliwwert hunn. Allerdéngs weist de Statsrot och drop hin, an dat ass kee Wonner, datt d'Virbereedung vun dësem Projet de loi 2004 eben iwwert de Knéi gebrach ginn ass, net nëmmen 2004, ech denken d'Planung huet och virdrun ugefaangen, mä se ass net an den Detail gaangen. An de Statsrot verlaangt eben, datt an Zukunft kee Wee méi laanscht eng detailléiert Planung vun

engem Infrastrukturprojet mat allen Investisementer, déi dodrun hänken, däréi féieren.

D'Chambre de Commerce huet en ähnlechen Avis ofginn. Och si pocht op eng besser Planung vun all Bauprojet grad wéi op eng Käschten-Notzen-Analys, déi am Virfeld vun all Projet de loi, deem hei an d'Chamber kënnt, soll gemaach ginn.

D'Beruffskammer begréisst awer generell, datt dës Projet zu enger besserer Mobilitéit wäert bäidroen a begréisst virun allem, datt d'Attraktivitéit vun eise Land doduerch erhéicht gëtt an datt eben dës Projet eng Plus-value fir d'Lëtzeburger Economie wäert bedeiten, well jo och eng ganz Rei Zich an d'Ausland fueren iwwert dës Streck.

Och d'Nohaltegkeetskommissioun war sech eens, datt en héijen Dépassement vu Kreditter ze vermeide wier, a war net der Meenung, dass mer hei an enger glécklecher Situatioun sinn. Mir hunn awer versicht, se ze léisen. An deem Sënn huet d'Kommissioun och notéiert, datt d'Gesetzgebung jo haut verlaangt, datt...

(Coups de cloche de la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Wann ech gelift, Kollegen, lauschtet der Riednerin no!

► **Mme Josée Lorsché (dêi gréng), rapportrice.**- Merci.

...datt en Avant-projet détaillé muss realiséiert ginn, eier iwwerhaupt emol hei e Vote ka stattfannen.

Eng Situatioun, wéi mer hei erliewen, wäert also an Zukunft net méi stattfannen, well d'Gesetzgebung eigentlech esou eng Démarche guer net méi erlaabt.

Léif Kolleginnen a Kollegen, fir ofzeschlësse wëilt ech nach eemol op déi detailléiert Dokumentatioun hiweisen, déi vun de Responsabele vun den CFL ausgeschafft ginn ass an esouwuel op Pabeier, en Dokument vun 140 Säiten, wann ech mech net iren, ze kréien ass, dann awer och op CD-ROM, wou ech gär hei weiderginn un all Interesséierten. Ech hu se de Moien op mengem Dësch fonnt. Duerfir e grouse Merci un den Här Patrick Renard vun den CFL.

Ech kann och lech eng ginn, da kënnt Der lech déi doheem an der Vakanz ukucken, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Et ass léif, dass een och emol eng kéier eppes kritt.

► **Mme Josée Lorsché (dêi gréng), rapportrice.**- E schéine Cadeau fir Enn des Joers.

De Responsabele vun den CFL wëll ech och Merci soe fir hir Begleedung vum Dossier, déi och an Zukunft nach muss stattfannen.

Da wëilt ech awer och eiser Sekretärin, dem Rachel Moris, Merci soen, an natierlech alle Membere vun der Nohaltegkeetskommissioun, déi dozou bäigedroen hunn, an dat wëll ech betounen, datt mir am Joer 2014 ganzer zéng Gesetzesprojeten aus dem Mobilitéits- an Infrastrukturberäich an der Chamber evakuéiere konnten. Ech denke schonn, datt ass eng gutt Rëtsch an dat beweist, wéi aktiv déi Kommissioun schafft.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun, an der Hoffnung natierlech, datt dës Projet eng grouss Zoustëmmung heibanne fënn, fir datt de Chantier ka fäerdeggestallt ginn an am Joer 2020 kann ageweit ginn.

Ech soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och der Madame Lorsché. Éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Wilmes.

Discussion générale

► **M. Serge Wilmes (CSV).**- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, ech soen der Rapportrice villmools Merci, déi dat ganz exhaustiv..., si huet alles u sech gesot, wat zu dësem Projet ze soen ass.

Ech wëilt just eng kéier op dee Punkt agoen, firwat datt mer jo hei méi Suen elo mussen nach eng kéier nostëmmen. Dee Projet ass eben net, et geet net duer mat deene Suen, déi doleien. Et sinn Dépassementer geschitt aus verschiddenen Ursachen. Do waren Ursachen derbäi, déi konnt ee virausgesinn. Et waren anerer, déi konnt een net virausgesinn. Do sinn eng ganz Partie Saachen en cours de route ebe geschitt, wéi zum Beispill, datt ebe beim Tunnel, dee gebaut ginn ass, bei dem Boulevard d'Avranches, datt do op eemol festgestallt ginn ass, datt déi Qualitéit vun deem Steen net esou gutt war, wéi geduecht war.

Et steet awer och ganz kloer an dem Exposé des motifs vum Gesetzesprojet, datt zum Beispill de Präis vun dem Stol a vum Eisen oner-

waart héich gaangen ass. Dofir ginn et eng Partie vun Erklärungen, déi net virauszegesi waren.

Op där anerer Säit ass jo schonn zënter enger Rei Joren och vun de fréieren Transport- a Bauministeren derfir gesuergt ginn, datt dee Phenomeen, datt permanent ëmmer muss d'Chamber Rallongé stëmmen, soll ophalen. Déi Efforten, déi hunn och hir Friichte gedroen. Déi Projeten, déi duerno komm sinn, déi hu rar missen eng kéier nogestëmmt ginn. Dat hei war nach ee vun där Zäit do virdrun.

An, ech mengen, et ass och wichteg, datt mer an Zukunft déi dote Projete wäerten esou stëmmen, datt se esou detailléiert wéi méiglech schonn à la base doleien. An datt Imprévuen, déi awer ëmmer méiglech sinn, dat muss een och betounen, eben net dozou féieren, datt nach eng kéier muss eng Rallonge vun iwwer 100 Milliounen gestëmmt ginn.

Mir ginn eisen Accord zu dësem Projet hei selbstverständlech. Et ass e Projet, dee jo scho laang amgaangen ass realiséiert ze ginn. Mir kënne jo net derfir suergen, datt deem elo géif gestoppt ginn. Et ass e wichteg Mobilitéitsprojet, wéi d'Madame Lorsché jo och nach eng kéier betount huet. Där Meenung si mir och an dofir ënnerstëtzt mir dee Projet hei.

Domadder ginn ech den Accord a soen lech villmools Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Wilmes. Nächste Riedner ass den Här Roger Negri.

► **M. Roger Negri (LSAP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och mir als LSAP ginn deem Projet hei selbstverständlech den Accord mat där Rallonge vun den 109 Milliounen. Ech mengen, hei ass, wéi elo scho gesot ginn ass, ech wëll och der Rapportrice, Présidente-rapportrice Madame Josée Lorsché e grouse Merci soe fir hir exzellent Rapporten.

Ech mengen, et ass elo scho gesot ginn. Mir wëllen dat nach eng kéier ënnersträichen, dass dat hei dee leschte Projet ass, deem aus där Serie kënnt, wou och ëmmer d'Budgetskontrollkommissioun Comexbu am Fong geholl d'Projete validéiert, net opgrond vun dem Avant-projet sommaire, mä vum Avant-projet détaillé. Ech mengen, déi Praxis huet sech elo och gutt verfestegt, dass dat ëmmer virdrun och hei en Débat ass an der Chamber, fir am Fong de Go ze ginn, fir APSen ze maachen an dann eréischt duerno d'Avant-projets détaillés auszeschaffen. Domadder, mengen ech, si mer um richtige Wee, dass et net méi zu esou Iwwerschreidunge vu Kreditter kënnt.

Ech wëll awer trotzdem hei e bëssen de Projet, och d'Eisebunn a Schutz huelen, an deem Sënn, dass et wierklech sech hei ëm e ganz komplizéierte Chantier handelt. De Perré, ëm deem et hei geet, dat ass deen Hang, dee Richtung Waasserbëlleg geet, war sengerzäit vun der Ingenieurskonscht wierklech e groussen Ouvrage. Et dierf een net vergiessen, dass sengerzäit, wéi d'Eisebunn virun 150 Joer gebaut ginn ass, jo net an d'Festungsstad gebaut ginn ass, aus militäresche Grënn, mä eben um Plateau vun der Gare opgebaut ginn ass, an dass et doduerch natierlech eng risen Erausforderung war, mat enger Héichtendifferenz vun iwwer 130 Meter, fir eben déi Ouvragé kënnen ze bauen, wou se elo sinn.

An déi Gleiser, Weichen, déi Richtung Waasserbëlleg do ginn, hunn natierlech erfuert, e risen Hang do ze bauen, deem am Fachjargon vun der Eisebunn en „Perré“ heescht. A sengerzäit war et natierlech, vu dass jo dann eben nëmmen, wéi mer elo scho gesot hunn, Avant-projets sommaires gemaach gi sinn, ganz schwéier ze estiméieren, wat am Fong am Bauch vun deem rise Perré do war.

An deem Sënn wëll ech dat och nach eng kéier zousätzlech justifiéieren, dass dat och fir d'Eisebunn net esou einfach war, dat do ze estiméieren. An an deem Sënn nach eng kéier confirméieren den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci dem Här Negri. Nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dës Projet beweist jo ganz gutt, wann ee Finanzierungsgesetz sech vill op approximativ Schätzunge festleet, datt dann natierlech dee Projet fréier oder spéider vun der Realitéit ageholl gëtt an datt natierlech sech erausstellt, datt een net genuch Kreditter virgesinn hat. Ech mengen, wéi mer 2004 dat hei gestëmmt hunn, dunn hunn natierlech aner Kritäre gegollt, fir déi Devisen opzustellen. Gott sei Dank hu mer do eng positiv Entwécklung an deene leschte Jore matgemaach.

Et ass natierlech ganz schwier, an esou engem Dossier wéi deem heiten all Dépense bis op dee leschten Euro kënnen am Detail

virzugesinn. An 109 Euro haut nostëmmen, 109 Milliounen Euro nostëmmen, ass natierlech och keng Klenggeeket! Mä ech mengen, dat, wat een awer hei muss ënnersträichen, dat ass, datt et mat Sécherheet net d'Ursach ass, datt hei krass falsch Aschätzunge gemaach goufen oder datt Ennerloossunge virleie géifen. Déi Dépense sinn also mat Sécherheet hei ze justifiéieren.

Ech wëll vläicht kuerz op e puer Punkten agoen. Déi Bauaarbechten, an dat ass schonn hei vu Virriedner gesot ginn, déi sinn natierlech an engem ganz sensibelen Raum realiséiert ginn, respektiv gi realiséiert. Engersäits beweige mer eis an engem zimlechen fielsegen Terrain. Aneersäits awer beréiere mer och wäertvoll historesch Vestigen.

An d'Tatsach eleng, datt mer bal eng Millioun zousätzlech hei virgesinn, fir de spueneschen Tiernchen ze retten, beweist jo awer, datt de Législateur hei eng richteg Approche hat. Nach lieue mer an engem Land, wou mer vill ze vill Patrimoine culturel liichtfankeg zerstéieren.

Et wär jiddefalls e ganz grouse Skandal gewiescht, wann een där éischter Iddi vläicht noginn hätt a praktesch deem Tiernchen ofgerichtet hätt an op enger anerer Plaz erëm opgerichtet hätt. Esou einfach däréi ee sech et net maachen! Och wann, wéi gesot, dat heiten eng zousätzlech wichteg Dépense mat sech bréngt. Dowéinst sinn d'Auteuren och vum Projet ze félicitéieren, dass se dem Drock, dem richtigen Drock vu Sites et Monuments noginn hunn an an deem Punkt hei selbstverständlech elo déi néideg Moossnamen huelen, fir deem Tiernchen do och dann ze conservéieren.

Ech wëll an deem Kontext och drop hiweisen, datt de fréieren Transportminister, den Henri Grethen, deem iwwregens d'Basis zu dësem Gesetz geluecht huet - dat soll och emol hei niewebäi gesot ginn -, datt deem deemools en Avis bei der Unesco ugefrot hat, wat deem neie Bau vum Viaduc ubelaangt, obwuel keen Avis virgesi war. Mä och déi Iwwerleeung war richteg. A mir kruten och deemools vun der Unesco awer e positiven Avis, soudatt deem och näischt am Wee steet, wat de Bau vun dem Viaduc do ubelaangt.

Op där anerer Säit muss een och soen, datt mer, wat ech jo virdrun schonn hei ernimmt hunn, an deem onebene Gebitt sinn, loosse mer et emol esou esou, natierlech och eng Ingenieursmeeschterleeschtung hei verlaangt ass, fir dee Projet ze realiséieren. Datt zum Beispill d'Stäipe vum Fouss vun der Stützmauer nach muss verstärkt ginn, ass ganz kloer aus Sécherheetsgrënn. An hei mussen eben déi maximal Sécherheetsmoossname getraff ginn, well, wéi gesot, hei ginn all Dag Dausenden an Dausende Leit transportéiert. Da kann ee sech natierlech och keng Fäille do erlaben!

Ech wëll da vläicht nach kuerz och op en anere wichtigen Aspekt hiweisen, dat ass dee vun dem Écran antibruit. Hei gëtt jo op 900 Meter een aménagéiert. Mir hu jo virun e puer Wochen an der Kommissioun dee ganze Programm vun den CFL presentéiert kritt, wat den Aménagement vun den Écrans antibruit laanscht déi Haapteisebunnsachsen ubelaangt. Dat ass eng ganz wichteg Neierung.

Ech mengen, de Kaméidi, do seet een näischt Neits, do weess een, datt dat natierlech e Problem ass, deem eis op ganz villen Niveauen ze schafe mécht. Vu datt et jo awer technesch Méiglechkeete gëtt, fir deem awer deelweis ofzehëllefen, duerfir ass et och wichteg, datt mer an deem Gebitt hei dann eben elo déi Écrans antribruit do aménagéieren.

Dësem Projet fält ouni Zweifel och nach eng grouss Bedeitung zou, well e jo e besseren Accès zu der Gare Lëtzebuerg erlaabt, op där anerer Säit awer a Richtung Norde respektiv Osten och d'Verbindunge wäert verbesseren, net nëmme fir de Persounentransport, mä och fir de Giddertransport. An da wëll ech och drop hiweisen, d'Chambre de Commerce huet dat jo schonn an hirem Avis och, richtegerweis, ënnerstrach, datt dee Projet hei awer och wäert zur wirtschaftlecher Kompetitivitéit vun eise Land bäidroen.

Och wann et sech, wéi gesot, hei nëmmen ëm e Finanzierungsgesetz „bis“, muss ee bal soen, handelt, ass et e wichteg Gesetz. Et ass eng weider Etapp an enger Moderniséierung vum Zuchverkéier hei zu Lëtzebuerg. An d'Madame Rapportrice, déi jo gesot huet, dat wär dat zéngt Gesetz, wat mer hei schonn ënnerbreechen, huet domadder dokumentéiert, datt dem éffentlechen Transport, méi spezifesch dem Zuchtransport, an dëser Regierung natierlech e ganz grouse Raum iwwerlooss gëtt. An dat ass och wichteg esou. Mir kënnen dat als Demokratesch Partei nëmmen ënnerstëtzen!

Ech wëll ofschléissend, wéi gesot, dem Josée Lorsché dann nach eng kéier Merci soen, well et huet jo en Abonnement, fir hei Rapportrice ze spillen. Et mécht dat jo ëmmer tipptopp. Ech wëll awer de Vertreider vun der Eisebunn och emol eng kéier hei e Luef aussprechen. Déi Aart a Weis, wéi se ëmmer an de Kommissiounen pre-



paréiert sinn, wéi se eis ëmmer andecke mat ganz guddem sophistiquéiertem Dokumentationsmaterial, dat erlaabt et dann och esou Laie wéi mir, sech an déi Matière hei eranzeschaffen. An, wéi gesot, et ass evident, datt d'Demokratesch Partei zu deem Projet hei steet.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci och dem Här Graas. Nächst Riedner ass den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Merci un d'Rapportrice fir dee wonnerbare Rapport, an och de Virriedner. Et ass e Fakt, wéi de Roger Negri hei richtig gesot huet, datt dat Gesetz onëmgängelech ass. Et ass wichteg! An datt Rallongë musse gestëmmt ginn, ass net ëmmer prévisibel, ganz besonnesch mat deem Talus, dee sech als instabil erweisen huet an dee muss ganz nei gemaach ginn.

Et ass och Fakt, wéi de Gusty Graas richtig seet, datt 109 Milliounen nostëmme keng Klenggeheet ass, besonnesch an Deeg wéi deem geschéregen, deem heuten an deem morgenge, wou mer iwwer Budgeten diskutieren. 109 Milliounen, jo, Här Graas, ass keng Klenggeheet!

Et freet mech och, datt den Här Graas hei drop hiweist, datt vill ze vill Patrimoine zerstéiert gëtt hei am Land. Och do ginn ech lech ganz recht. An ech bedauern dofir nach eng Kéier, datt d'DP net géint dee Projet gestëmmt huet d'lescht Woch, wou déi Ettelbrécker Gare ofgerappt gëtt.

Déi Bissier Bréck, ëm déi et hei geet, et ass schonn oft gesot ginn, ass fir d'Persounen- a Wuerezech an nördlech an östlech Richtungen. Fakt ass, datt deen Ausbau, dee mer hei maachen, guer net néideg gewiescht wier, wann divers Bauteministere sech un den urspréngleche Plang gehalten hätten, d'Persounenzich ënnert der Stad erduerchzeféieren.

Jo, Dir gesitt, wourop ech eraus wëll! Da wier d'Bissier Bréck nämlech fir nëmme Güterzich duergaangen, esou wéi se elo ass, an de Gros vun deenen trotzdeem 334 Milliounen, déi hei engagéiert ginn - jo, et ass keng Klenggeheet! -, wier onnéideg gewiescht, well keen Enkpass opgetruede wier.

An dofir soen ech als ADR-Sprieche, datt déi 334 Milliounen, déi d'Majoritéit hei insgesamt engagéiert, an ech wëll awer d'CSV do expresis verbis mat abezéien, e gudden Deel kéinten ugerechent ginn op eng Exekutioun vun deem, wat mer „Schummer-Plang“ nennen an „City-Tunnel“ nennen, wat dee kascht hätt. Ouni vun deene 500 Milliounen - an ech si jo nach ëmmer iwwerzeegt, datt et der 1.000 sinn -, vun deenen ze schwätzen, déi den Tram wäert kaschten!

Dofir ass fir eis dëse Projet genausou deier wéi en onnéideg gewiescht wier, wann d'Majoritéit de Mutt gehat hätt, eng nohalteg Léisung, wéi de City-Tunnel, ze wielen. An dofir enthalte mir eis bei dësem Projet.

Ech soen lech Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Très bien! Dat huet emol misse gesot ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci och dem Här Reding. Nächst Riedner ass den Här Justin Turpel.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Merci, Här President. Mir stëmme kloer fir dee Projet hei, aus zwou Ursachen: Éischtens, d'Haaptursaach ass déi, datt deen Terrain, wou elo een zweegleiseg Eisenbunn soll driwwerfuere, muss stabiliséiert ginn. Dat war net viraussehbar, datt huet sech eréischt am Laf vun den Aarbechten erausgestallt. An dat huet ee relativ héije Präis.

Déi zweet Ursaach, firwat datt mer et stëmmen, ass, datt dat effektiv, an et ass drop hi-gewise ginn, fir d'Lescht ass, wou mer an esou enger Prozedur dra sinn, datt mer do an Zukunft ganz aneschtens kënnen verfuere, an datt de Programm, deen d'Eisenbunn eis virgestallt huet, ganz detailléiert ass. Et kënnen ëmmer Imprévuë kommen, mä net an deem dote Mooss. An ech wëll mech de Merciën uschlëssen un d'Eisenbunn, fir déi transparent Duerleeung vun all deem, wat op eis zoukënn an och absolut noutwendeg ass.

Ech wëll awer op zwéi Punkten hiweisen, déi mer net esou gefalen an iwwert déi mer och an der Kommissioun diskutéiert hunn, déi een awer hei misst soen.

Den éischte Punkt ass deen, datt deen Transfert vun zwielef Milliounen, dee geschitt ass vun der Phas 2 op d'Phas 1B, datt dat eigentlech keng gutt Praxis ass, fir esou Transferten ze maachen. Nëmme well eng aner Aarbecht net gemaach gëtt oder net brauch gemaach ze ginn, stinn déi Suen net automatesch zur Ver-

fügung fir een anere Projet. Doriwwer misst een an der Kommissioun diskutieren. An dat soll net méi einfach esou geschéien, datt do een Transfert geschitt vun zwielef Milliounen, nëmme well eppes aneschtens net geschitt.

Wann eng Aarbecht net geschitt, da soll et esou sinn, datt een déi Sue ka spueren. A wann een op engem anere Punkt Sue brauch, da muss een déi Suen deblockéieren. An ech mengen, mir waren eis eigentlech och eens an der Kommissioun driwwer, fir ze soen, datt dat an Zukunft dann esou soll gehandhabt ginn.

Déi zweet Saach, wou mer eis eens waren an der Kommissioun, mengen ech och, dat war déi Geschicht vu Sites et Monuments, fir dee spueneschen Tiermchen, datt deen net dierft ofgerappt ginn an erëm opgebaut ginn, mä datt dee misst esou stabiliséiert ginn, datt ee kënn drënner bauen. Eleng dat huet ee Käschtepunkt vun, wann ech de Minister richtig verstanen hunn, ongeféier annerhalfe Millioun zousätzlech!

Ech mengen, wa Sites et Monuments esou eng Décisioun hält, datt een deen Tiermche misst stoe loossen an net dierf ofmontéieren, herno erëm opriichten, an dat huet esou eng grouss Incidence budgétaire, da misst een awer mindestens an der Kommissioun doriwwer diskutieren.

Et kann net sinn, datt d'Regierung einfach muss akzeptéieren esou eng Décisioun vu Sites et Monuments, mä da soll een an der Kommissioun driwwer diskutieren, ouni datt ech domadder wëll a Fro stellen, datt, wa Sites et Monuments schonn eng Kéier seet, et misst eppes erhalen ginn, datt dat net berechtigt wier. Dat wëll ech ganz kloer domadder net a Fro stellen! Et geet awer dorëms, datt mer effektiv net einfach dat kënnen esou imposéiert kréien, ouni datt mindestens eng Kéier driwwer diskutéiert gëtt.

Dat gesot, gi mir eisen Accord zu deem Projet, géintiwwer deem een Zuch ënnert der Stad absolut keen Ersatz wier. Ech wiere mech weiderhin dergéint, datt den Zuch ënnert d'Stad soll kommen an d'Autoen uewen. Dat ass just dee falsche Wee!

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci och. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Här Nohaltekeetsminister François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*** - Merci, Här President. Ech wollt, fir unzefänken, fir d'Éischt der Madame Rapportrice Merci soe fir dee gudden schréttlechen a mëndlechen Rapport. Selbstverständlech och alle Riedner, déi hei geschwat hunn. An och all deenen, déi natierlech den Accord bréngen hei zu deem Projet.

Ech wollt vläicht zwou, dräi Remarquë maachen.

Déi éischt ass, ech wëll awer och hei drop opmierksam maachen, datt ech deemools an der Budgetkontrollkommissioun matgedeelt hunn, datt d'Eisenbunn - bei enger ganzer Rei Projekten, déi entre-temps realiséiert sinn, d'Péitenger Streck an esou weider, eng ganz Rei anerer, wou den Of-schloss gemaach ass vun de Konten -, datt d'Eisenbunn do iwwer 80 Milliounen Euro gespuert huet par rapport zu deem, wat an den Devisé virgesi war respektiv an de Gesetzesprojete gestëmmt gi war! Ech wollt dat awer och hei matdeelen, fir ze ënnersträichen, datt d'Eisenbunn awer ansonste ganz gutt schafft.

Dat Zweet ass...

(Interruption)

Dat Zweet ass... Jo, dat ass wichteg. Déi, déi gelueft solle ginn, déi sollen och gelueft ginn! Dat Zweet ass déi Geschicht vun den Transferten, wou den Här Turpel elo ugeschwat huet, vu Kreditter. Dat ass net ganz falsch, wat e seet. Mä ech muss awer drop hiweisen, datt mäi Virgänger, den Här Wiseler, deen ass deemools an d'Budgetkontrollkommissioun gaang, an d'Chamber huet awer do de Feu vert ginn, fir dat ze maachen.

Also et ass mam Accord vun der Chamber geschitt. Dat heescht, ech ginn lech recht, et soll een eng Kéier dat vläicht diskutieren, ob dat an Zukunft nach ka gemaach ginn. Mä ech mengen, et muss een awer hei soen, datt de Minister vun der Chamber deemools de Réck gestäipt kritt huet.

Dat Drëtt ass déi Fro vun de Sites et Monuments. Ech mengen, dat war an der Kommissioun diskutéiert ginn. Ech mengen, et soll een dat an Zukunft effektiv diskutieren. Et muss een och dozou soen, ech hunn déi Erfahrung och haaptsächlech an der Stad Lëtzebuerg gemaach, datt et wichteg ass, datt ee versicht, Sites et Monuments a Projekte relativ fréi anzubannen. Ech mengen, da kann ee villes évitéieren an där do Hisiicht.

Da wollt ech awer och e Wuert soen zu dem Här Reding senge Remarquen hei am Zesammenhang mat der Motivatioun vun hiner Ent-haltung. An ech muss lech soen, ech hunn awer elo selten esou en Hochstand erlieft, deen hei en Deputéierte gemaach huet, fir ze motivéieren, fir net musse fir e Gesetz ze stëmmen. Well, éischtens wëll ech lech soen, Här Reding, deen Ausbau, deen hei gemaach gëtt, dat huet awer nu strictement näscht ze dinn, weder mam Tram nach mat...

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dach!

► **M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*** - Neen, neen, Här Gibéryen, dat huet strictement näscht...

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Wann ech gelift!

► **M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*** - ...domadder ze dinn!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Mir féiere keng Dialogen hei.

► **M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*** - Deen Ausbau hei gëtt...

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Den Här Minister adresséiert sech un d'Chamber.

► **M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*** - Jo. Deen heiten Ausbau gëtt gemaach ausschliesslech, fir op dem klassesche Schinneréseau a Richtung Waaserbëlleg virun allem méi Capacitéit ze kréien a fir datt natierlech um Viaduc selwer iwwerhaapt - am Zesammenhang mat der Nordstrooss, wou mer jo och d'Capacitéiten ausgebaut hunn -, datt deen nach ka funktionéieren. An onofhängeg vu Mee-nungen zu City-Tunnellen oder wat een do an der Stad hätt wëlle maachen, ass dat heiten en Ausbau, deen absolut noutwendeg ass, wann een d'Capacitéit vum klasseschen Eisenbahnrséseau wëllt ausbauen.

An da muss ech lech awer soen, wann Der dann awer heihinnerkommt a sot, dat wär elo dann alles terribel méi bëlleg ginn, wa mer Är Variant gewielt hätten. Also ech wëll lech jo soen, ech hätt lech bonne Chance gewënscht, wa mer emol eng Kéier ausgerechent hätten, wat et kascht hätt, ënnerierdesch...

(Interruption par M. Gast Gibéryen)

...ënnerierdesch, Här Gibéryen, ënnerierdesch ze furen. Ech wëll lech just soen, Dir hutt lech d'lescht Kéier eng Kéier opgereggt, a souguer zu Recht, muss ech soen, wat de Präis war vun der Nordstreck, Nordstrooss, déi 700 Milliounen, déi dat kascht vu Miersch bis erof an d'Stad. Firwat mengt Der, datt dat 700 Mil-lioune kascht? Mä grad haaptsächlech weinst den Tunnellen, déi do gebaut ginn!

An ech soen lech, alles, wat Der ënner Tunnel baut - emol onofhängeg dovun, ob dat eppes bréngt an esou weider an esou virun, dat wëll ech guer net jugéieren a guer net diskutieren -, wëll ech lech soen, fir dann nach hei ze behaapten, de Käschtepunkt dovunner, dee wär méi bëlleg ginn, also dat ass awer wierklech en Acrobatiestéck. Dat bréngt just Dir fäerdeg bei der ADR, dat ginn ech ganz gär zou! Mä ech mengen, dat ass awer dat fadenschei-negst Argument, wat ech zënter Laangem héieren hunn, fir hei net musse fir eng Extensioun oder eng Rallonge vun engem Projet um Finanziellen ze stëmmen.

Ech soen lech awer Merci, all deenen, déi hei esou stëmmen, wéi ech mengen, wat och dat Richtegt ass, fir dësem wictege Projet de Feu vert ze ginn. Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci dem Här Minister. A vu dass den Här Minister mer net gefollegt huet a sech net un d'Chamber adresséiert huet, muss ech elo dem Här Gibéryen Parole après ministre ginn.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Och wann den Här Minister dat do zur Chamber gesot hätt, hätt ech Parole après ministre gefrot.

(Interruption par Mme Claudia Dall'Agnol)

Dir kennt d'Reglement, Madame Dall'Agnol, duerfir wësst Der, datt een dat kann esou maachen.

Bon, ech wëll kuerz drop soen, well den Här Minister elo hei gemeint huet, missen der ADR ze soen, datt dee Projet, dee mir ëmmer ënnerstëtzt hunn, datt dee vill méi deier gi wier. Ech mengen, dat, wat de Kolleg Reding Roy hei gesot huet, ass ganz kloer, datt mer gesot hunn, dee Käschtepunkt, deen den Tram kascht elo, an do wäerte mer herno awer, wa mer alles beie-neerechnen, bei enger Milliard landen. An ech hunn dat schonn e puermol hei gesot.

Dir erkläert de Contraire. Dir erkläert permanent hei de Contraire. Och dee Minister, deen

deemools dëse Projet hei vertrueden huet, huet gesot, mir géifen dat mat deem Devis zu Recht (veuillez lire: fäerdeg) kréien, dee mer hei gestëmmt hunn. An haut stëmme mer schonn erëm eng Kéier no. An dee Projet ass haut dräimol esou deier wéi en deemools gestëmmt ginn ass.

A mat Ärem Tram geet et genau d'selwecht! Wann Der alles derbäirechent, wat mam Tram zesammenhängt, wat de Stat, wat d'Gemen-gen a wat nach wäert misse vu Supplément bezuelt ginn, wann Der emol sollt eng Kéier ukommen, da wäert Der gesinn - an duerfir soen ech dat all Kéiers hei, fir datt dat dacks genuch aktéiert gëtt -, datt dat eng Milliard herno wäert kaschten.

Duerfir wëll ech lech soen, dat, wat mir hei gesot hunn, dat ass, wann een de Plan Schummer geholl hätt an et wier een ënnert der Stad erduerchgefuert, dann hätt een deen heiten Ausbau net brauchen ze maachen. Well am Plan Schummer och dee Problem, deen Dir elo ugeschnidden hutt, wat d'Oststreck ubelaangt, deen hätt do zum Deel kënnen matgeléist ginn, dann hätt een heirobber kënnen verzichten, wann een e globaalt Konzept gemaach hätt.

A wann een dann déi Suen hält an et hält een déi Suen, déi Der an den Tram investéiert, dann hätt een de Schummer-Projet kënnen realisieren. A wat virun allem méi wichteg gewiescht wär, dann hätt Der de Problem vum Transport geléist gehat. Well mam Tram léist Der de Problem net! Ob Dir haut mat Bussen a muer mat engem Tram duerch d'Stad fuert, duerfir sinn d'Stauen am Rescht vum Land moies an owes och nach muer genausou grouss.

An duerfir, souguer wann Ären Tram méi bëlleg wär, ass et ewechgeworfent Geld, well et de Problem net léist!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Den Här Minister huet d'Wuert.

► **M. François Bausch, *Ministre du Développement durable et des Infrastructures.*** - Här President, ech wollt dozou soen, och wann een honnertmol eppes Falsches widerhëlt, gëtt et duerfir net richtig! Dat wollt ech dem Här Gibéryen dozou soen.

An ech wëll just drun erënneren, nach eng Kéier, doriwwer sinn ech frou, datt all déi Pro-jeten do an dëser Chamber an deene leschte Méint mat 57 Jo-Stëmme gestëmmt gi sinn. Ech mengen, dat ass méi wéi eng Majoritéit!

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*** - Merci, Här Minister. Ech mengen, et ass alles gesot. A mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6725 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6725 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6725 ass mat 55 Jo-Stëmmen, bei 1 Nee-Stëmm an 3 Abstentiounen ugehall.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6725 est adopté par 57 voix pour et 3 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Mergen), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Eugène Berger), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany (par M. Justin Turpel).

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen zum nächste Punkt iwwergoen. Do geet et ëm d'Fusioun vun de Gemengen Eschweiler a Wolz, de Projet 6712. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Claude Haagen.

7. 6712 - Projet de loi portant fusion des communes d'Eschweiler et de Wiltz

Rapport de la Commission des Affaires intérieures

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*.- Här President, de Projet de loi 6712 iwwert d'Fusioun vun den aktuelle Gemenge Wolz an Eschweiler ass de 27. August vun dësem Joer vum zoustännegen Innenminister hei an der Chamber déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 21. Oktober vun dësem Joer ginn. An déi zoustänneg Intérieurskommissioun huet no der Analys vum Projet de loi an dem Avis vum Statsrot Amendementer zu dësem Projet de loi gemaach.

De Statsrot huet säin Avis complémentaire den 9. Dezember ofginn, an d'Kommissioun huet de Rapport iwwert dëse Projet de loi den 11. vun dësem Mount unanime ugeholl.

Här President, d'Diskussiounen iwwer eng Fusioun tëscht Eschweiler a Wolz hunn Enn 2013 ugefaangen. Mat agebonnen an dës Diskussioun war d'Cellule indépendante des fusions communales souwéi d'Distriktskommissariat vun Dikrech. An de Gemengeréit vun deene genannten zwou Gemenge sinn den 18. Dezember 2013 d'Deliberatiounen approuvéiert ginn, fir de Schäfferot ze mandatéieren, a puncto Gemengefusionen ze verhandelen.

Dës Verhandlung si gutt weidergaangen, dëst ëmsou méi, well déi zwou Gemenge schonns a fénnef Gemengesyndikater zesummeschaffen.

D'Bierger vun deenen zwou Gemenge si per Referendum de 25. Mee 2014 ëm hir Meinung zu enger Gemengefusion gefrot ginn, an dës Konsultatioun ass an deenen zwou Gemenge positiv ausgefall, soudatt déi zwee Gemengeréit de 4. Juni vun dësem Joer iwwert d'Deliberatioun Feu vert fir dës Fusioun ginn hunn.

Mir hunn also, wann dës Fusioun iwwert dëse Projet de loi votéiert gëtt - wouvun ech ausginn -, dann an der Gemengelandschaft hei zu Lëtzebuerg nach 105 Gemengen.

Wéi bei all Gemengefusion huet och dës Fusioun Dispositions transitoires, dat heescht Iwwergangsbestimmungen. Ech wëll déi hei a mengen Ae wichtigst zitieren, déi aner stinn am schréffleche Rapport.

Déi nei Gemeng, déi den 1. Januar 2015 a Kraaft trëtt, dréit den Numm „Commune de Wiltz-Gemeng Wolz“, mat Sëtz zu Wolz. Dëst ass och am Sënn vum Aménagement du Territoire, well Wolz och als CDA, also als Centre de développement et d'attraction, klasséiert ass.

Wolz behält de Statut als Stad Wolz, an an dëser neier Gemeng behale mir am Ufank bis déi nächst Gemengerotswahlen, dat heescht bis den 8. Oktober 2017, déi zwee Wahlsystemer, ee Majorz an ee Proporz, wann et an der Tëschenzäit sollt zu Wahlen kommen.

Bis déi nächst Gemengewahle vum 8. Oktober 2017 huet déi nei Gemeng Wolz vum 1. Januar 2015 un 18 Conseilleren, an zwar siwe vun Eschweiler an eefel vu Wolz.

De Schäfferot, dee sech aus där Konstellatioun wäert erginn, besteet aus engem Buergermeeschter a fénnef Schäfte. Bei deenen nächste Gemengerotswahle vum 8. Oktober 2017 bestëmmen d'Awunner aus där neier Gemeng Wolz dann 13 Conseilleren, an dovunner ee Buergermeeschter an ee Schäfferot mat dräi Schäfte.

Bei de Gemengerotswahle vum 8. Oktober 2023 wäert sech deen neie Schäfte- a Gemengerot en fonction vum Gemengegesetz, dat heescht laut dem Droit commun, opgrond vun der Awunnerzuel vun dëser neier Gemeng zesummesetzen.

Dir Dammen an Dir Hären, bei der Gemengefusion - a bei all Gemengefusionen - spillen d'Gemengefinanzen natierlech och eng Roll. D'Fusiounsgemeng Wolz kritt eng finanziell staatlech Hëllef, an zwar laut deem Tableau, deen a mengem schréffleche Rapport agesat ass an deen op d'Awunnerzuel vum 1. Januar 2015 ugerechent gëtt. Dës Hëllef mussen an deenen nächsten zéng Joer ausbezuelt ginn an déi éischt Tranche vun dräi Milliounen Euro ass fir de Budgetexercice 2015 virgesinn. Déi finanziell Hëllef gëtt fir den Ofbau vun de Gemengescholde benotzt.

Wat d'Taxe vun de Gemengen ugeet, esou ass festgehalen, datt den Taux vum Impôt commercial a vum Impôt foncier, dee fir d'Steierjoer 2015 ugewannt gëtt, deen Taux ass, deen actuellement an deenen zwou Gemengen am niddregsten ass.

Här President, d'Fonctionnaires an d'Employés communaux, d'Employés privés an d'Salariéë vun deenen aktuellen zwou Gemenge ginn alleguete vun där neier Gemeng iwwerholl. All déi Leit behalen natierlech hir Droit-acquisen an hir Carriären.

De Statsrot hat a sengem Avis e puer textuell Annerunge virgeschloen a sech fir eng eventuell Opposition formelle bei der Formulatioun vun enger Denominatioun am Kader vun enger Carrière ausgesprach.

D'Intérieurskommissioun aus der Chamber huet all dës Propositionen deelweis iwwerholl an ugeholl, soudatt am Avis complémentaire de Statsrot sech mat dësem Projet de loi d'accord gewisen huet.

Domadder steet, no dësem Vote vun haut, der neier Fusiounsgemeng Wolz näischt méi am Wee. Ech géif der neier Gemeng bonne Chance wënschen, dat am Intérêt vun hire Bierger, an natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun bréngen. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci, Här Haagen. Éischte Riedner ass den Här Emile Eicher.

Discussion générale

► **M. Emile Eicher** (CSV).- Här President, erlaabt mer direkt dem honorablen Deputéierte Claude Haagen Merci ze soe fir säin ausféierlechen a prezise Rapport.

Vill Elementer mussen zesummekommen, fir datt eng Fusioun reüsséiert. Virun allem muss een e gemeinsam Zil fir déi nei Gemeng entwéckelen. Doriwwer eraus gëllt et awer och, d'Bevölkerung vun den Avantagen an där neier Fusiounsgemeng ze iwwerzeegen an och op eventuell Problemer anzegoen a gläichzäiteg zesumme besser Léisungen ze proposéieren.

Mir wëssen awer och all heibannen, datt engerzäits eng enk intercommunal Zesummenaarbecht um politeschen Niveau an op där aner Säit d'Zesummeliwe vun eise Bierger an

de Veräiner an am Alldag déi beschte Viraussetzung ass fir eng Gemengefusion.

Dobäi ass den Engagement vun de Membere vun de Schäfte- a Gemengeréit sécherlech mat entscheidend. Zu Wolz an zu Eschweiler hu si dat fäerdegruecht. Si hu sech souguer an enger Rekordzäit ennereneen eens gemaach a sinn dunn zesumme mat dem Här Innenminister bei hir Bierger op zwou Informationsversammlunge gaangen, fir hir Iddien ze presentéieren.

Am Referendum vum 25. Mee krute si mat 54% vun de Wieler zu Eschweiler a mat iwwer 80% zu Wolz den Optrag, dës Fusioun bis Neijoerschdag dëst Joer an d'Realitéit ze setzen.

Op d'Detailer vun dësem Projet de loi wëll ech awer elo net agoen, de Rapporteur huet dat jo schonn am Detail gemaach.

Här President, ech sinn iwwerzeegt, datt ee groussen Deel vum Succès vun dëser Fusioun op d'Hëllef vu bausse baséiert. Niewent dem Distriktskommissär an de Beamte vum Innenministère konnten déi Wolzer an déi Eschweiler - besonnesch am Ufank vun hiren Démarchen - op d'Ennerstëtzung vun der Cellule indépendante des fusions communales zréckgräifen. Dës Cellule, ënnert der konsequenter an och kompetenter Leedung vun der Madame Tilly Metz, wor ënnert dem viregten Innenminister Jean-Marie Halsdorf an d'Liewe geruff ginn, fir alle Gemengen ze hëllefen, déi un enger Fusioun interesséiert woren.

Dës Kommissioun hat dee grouse Virdeel, datt se fir all Bedeelegt indépendant wor. Wann ech richtig informéiert sinn, ass den Impuls vun dëser Fusioun ënner anerem och duerch d'Démarche vun dëser Cellule entstanen. Well hir Membere vill Erfahrung gesammelt haten, déi si bei anere Gemengefusionen erageholl hunn, konnte se deene Wolzer mat enger ganzer Rei vu professionelle Rotschléi zur Säit stoen. Besonnesch an der Kommunikatioun ass et enorm wichtig, wéi ee sech uleet, wourop een oppasse muss, wéi eng Weeër an Aarbechtsgruppe funktionéieren oder och net.

Ech muss lech soen, ech fannen et eigentlech schued, datt et dës Ennerstëtzung zënter dem Summer net méi gëtt.

Ech zweifelen awer ganz bestëmmt net drun, datt d'Beamten am Innenministère all Gemenge, déi fusionéiere wëllt, souwuel eng administrativ wéi och eng juristesche Hëllefstellung wäerte ginn.

Ech froe mech awer, ob dat eleng duegeet. D'Cellule hat nämlech nach e bëssen en aneren Optrag. Hir Roll wor et éischters, d'Gemengeresponsabel fir d'Fusioun ze motivéieren, zweitens, hinnen ze hëllefen, déi éischt politesch Schrëtt an d'Weeër ze leeden; zum Beispill de richtige Fusiounspartner iwwerhaapt ze identifizéieren. Drëttens, se duerch déi verschidden Etappe vun der Fusioun ze coachen - dat war och hir wichtigst Roll, si konnten hinnen nämlech punktuell zur Säit stoen, wa Schwierigkeiten entstane sinn.

Dëst Zort vu Begleedung - dat hunn ech vun e puer Säiten héieren - kann awer ganz entscheidend sinn. Ech géif dofir un de Minister appelléieren, ze probéieren eventuell ënner enger anerer Form weiderhin de Gemengen esou eng Ennerstëtzung unzëbitten, fir datt och an Zukunft nach eng Partie staark a gutt opgestallte Gemengen duerch Fusiounen entstoe kënnen.

Här President, et ass kee Geheimnis, datt ech perséinlech e Verfechter vun de Gemengefusionen sinn. Wéi Der wësst, si mir deeselvechte Wee jo och zu Clierf gaangen. An ech muss lech soen, dës Schrëtt deet eis net leed an huet eis och nach net leed geden. Mir kënnen eis haut scho bal net méi virstellen, wéi mer nach funktionéiere géifen, wa mer déi Fusioun net hätten.

Et freet mech dofir ëmsou méi, datt meng Nopeschgemeng elo deeselvechte Wee geet, domadder e gudden Strapp wiisst an esou och hirem Rôle als CDA-Gemeng nach besser no-komme kann. Ech wënschen hinnen dobäi e ganz groussen Erfolleg.

Selbstverständlech wäert d'CSV-Fraktioun dëse Projet de loi och stëmmen. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschtenen.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Eicher. Nächste Riedner ass den Här Guy Arendt.

► **M. Guy Arendt** (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëllt d'Geleeenheet notzen, fir dem Rapporteur e grouse Merci ze soe fir säi prezise schréfflechen a mëndleche Rapport.

Här President, dëse Projet de loi ass déi lescht Etapp, fir dass d'Fusioun vun de Gemengen Eschweiler a Wolz ab dem 1. Januar 2015 Realität gëtt a si dann zesummen den Numm Commune de Wiltz droen. Dës nei Gemeng wäert da knapps 6.400 Awunner zielen a sech aus siwen Uertschaften zesummesetzen. Dat

heescht: Wolz, Ierpeldeng, Eschweiler, Rulljen, Selschent, Wegdichen a Knapphouschent.

D'Gemengepolitik huet nach ëmmer am Wierke vun der Demokratescher Partei eng besonnesch Plaz ageholl. Fir d'DP ass et kloer, dass e fräiheetleche Stat op staark Institutionen ugewisen ass. An zu deene staarken Institutionen gehéiere nun emol all eis Gemengen. Duerfir muss een derfir suergen, de Gemengen en optimale Kader ze ginn, fir hir Aufgabe kënnen auszeüben.

Ganz wichtig ass et och, dass d'Gemengen déi néideg Autonomie hunn, fir kënnen optimal de Besoinen vun hire Bierger Rechnung ze droen, well d'Gemenge sinn e Service de proximité fir de Bierger. An dës Bierger ginn ëmmer méi usprochsvoll. Wëllt een dem Bierger déi beschmeigleche Servicer ubidden, brauch een dofir Moyenen. An duerch eng Fusioun klammen d'Moyenen, fir dem Bierger besser Servicer ubidden ze kënnen.

Eng Fusioun ass d'Geleeenheet, Synergien ze schafen, do, wou Synergie sënnvoll sinn. Dat reduzéiert d'Käschte fir d'Gemengen an erhéicht d'Qualitéit vum Service um Bierger.

D'DP huet ëmmer gesot, dass regional Kooperatiounen um Gemengenniveau gradesou sënnvoll kënnen si wéi Fusiounen. Mä d'DP erkennt awer och, dass d'Gemenge sech nei orientéiere mussen, fir deenen neien Erausforderungen vun onser Zäit gerecht ze ginn a fir e Kader ze schafen, an deem d'Famillje sech kënnen nidderloossen a wuelfillen.

Fusiounen mussen vun ennen erop wuessen an net vun uewen erof diktiert ginn! Duerfir ass et fir d'DP elementar, dass sech déi verschidden Gemengeverantwortlech eens sinn an zesummen de Wëllen ausdrécken, eng Fusioun ze maachen. Wat awer genausou wichtig ass, ass, dass d'Bevölkerung gefrot gëtt a sech och fir eng Fusioun aussprécht. Duerfir ass d'DP fir de Prinzip vun de Gemengefusionen, awer just verbonne mat engem verbindleche Referendum.

Dës Referendum hunn Eschweiler a Wolz dann och de 25. Mee gläichzäiteg mat den Europawahlen organiséiert. Bei deem Referendum hu sech zu Wolz iwwer 80% fir eng Fusioun ausgesprach, woubäi et zu Eschweiler ëmmerhin nach 54% woren. Wichtig ass also, dass d'Bevölkerung hanner esou enger Fusioun steet an dës och akzeptéiert.

(Interruption)

Ech géif och am Numm vun der DP...

(Interruption)

...deenen zwou Gemenge vill Succès wënschen no hirer Fusioun. An ech bréngen hei natierlech och den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleiende Gesetzestext.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Arendt. Den Här Traversini huet d'Wuert.

► **M. Roberto Traversini** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Ech mengen, och vun eiser Säit aus Merci un de Rapporteur. Et ass am Fong geholl alles gesot. Den Accord vun där grénger Fraktioun bréngen ech heimadder mat. Ech si just gespaant, wien dann an der Gemeng Wolz do éischte Buergermeeschter oder Buergermeeschtesch wäert ginn. Mol gespaant!

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci dem Här Traversini. Dann huet d'Wuert den Här Turpel.

► **M. Justin Turpel** (*déi Lénk*).- Merci, Här President. Mir begrëssen déi Fusioun do, esou wéi mer iwwerhaapt begrëssen, datt de Fusionsprozess vun de Gemenge soll weidergoen. Natierlech sollen déi Fusiounen op Fräiwëllegkeet berouen. Ech mengen, doriwwer si mer eis eens, och wann d'Fräiwëllegkeet bis elo mat 2.500 Euro op de Kapp e bësse verséisst ginn ass. Deem wäert, wann ech dat richtig verstanen hunn, an Zukunft net méi esou sinn, well dann dat erofgesat gëtt op 2.000 respektiv 1.500 an 1.000 Euro, jee no Awunnerkategorie.

Wa mer déi Fusioun hei gestëmmt hunn, sot de Rapporteur, hätte mer nach 105 Gemengen. An d'Fro, déi sech stellt, ass fir mech trotzdem awer och déi, wéi et duerno weidergeet.

Ech mengen, et war ëmmer een Accord politique zu Lëtzebuerg, souguer mat de Gewerkschaften aus dem Gemengesektor, fir ze soen, eng Gemeng soll mindestens 3.000 Awunner hunn, fir déi noutwendeg Masse critique ze hunn, fir kënnen alles dat ze maachen, wat een als Gemeng senge Bierger soll bidden, fir déi Infrastrukturen ze bauen am Sport, an der Kultur, am Schoulberäich, an de Crèche, fir och Dëngschtleeschung ze bréngen un de Bierger, wat d'Berodung ugeet, un d'Betribler, am Recycling an esou weider an esou fort.